# Klimapakt: Décision de principe

Dës Majoritéit huet et sech op de Fändel geschriwwe fir aktiv ze ginn am Kampf géint Zäregasen. Haut weise mer rëm, hei am Gemengerot, dass mer et mat dësem Engagement eescht mengen. Nodeems mer Enn d'lescht Joer eng gemeinschaftlech Photovoltaikanlag, wou d'Bierger sech konnten akafen, gehollef hunn ëmzesetzen, nodeems mer 2013 Member beim Klimabündnis gi sinn an nodeems mer d'Studie vun engem Energiekonzept an d'Wee geleet hu si mer lo sou wäit fir op de Wee vum Klimapakt kënnen ze goen.

Verschiddener wäerte sech froen, firwat mer sou laang gewaart hunn, dass mer jo schonn am Ufank vum Joer hätte kënnen ënnerschreiwen. Dëst ass eng berechtegt Fro, mä ech well hei awer soen, dass mer, wéi mer et scho beim Klimabündnis gemaach hunn, eis fir d'éischt genau renseignéiert hu wat op eis géing zoukommen an hunn dunn och mam Service Technique gekuckt wéi mer am beschte géinge virgoe fir eng positiv Ëmsetzung vum Klimapakt kënnen ze garantéieren. D'Fro war eigentlech net ob jo oder nee, mä éischter wéi ?

Déi wichtegst Fro déi ze kläre war, war eigentlech ob mer en internen oder externe Klimaberoder wëllen huelen, well déi zwou Variante verschiddenaarteg Virdeeler hunn. Den interne Klimaberoder, dat heescht een deen eigentlech an der Gemeng selwer schafft a sech soll während enger definéierter Stonnenzuel em de Klimapakt këmmeren, hätt den Avantage, dass en d'Gemeng gutt kennt an dass déi Kenntnisser déi en als Klimaberoder kritt och nom Oflafe vum Klimapakt weider an der Gemeng kann uwennen. Anerersäits ass et sou, dass en externe Beroder en anere Bléckwénkel kann op eng Gemeng wäerfe wéi dat en interne mëscht. Deen externe bréngt och Erfahrungen aus anere Gemenge mat, d'Gemeng kéint hei also vun engem Netzwierk profitéieren. An eisen Diskussioune si mer zum Schluss komm, dass et méi sënnvoll wär fir eis Gemeng fir en externe Klimaberoder ze engagéieren, deen awer natierlech enk mat deene Servicer déi betraff si wäert zesummeschaffen. Sou bleiwen d'Erfahrungswäerter der Gemeng awer erhalen.

Zum Klimapakt wollt ech nach soen, dass mer hei am Beräich CO2-Reduktiounen Iwwerschneidunge mam Klimabündnis hunn. De Klimapakt bitt eis awer zousätzlech e Beroder, eng Assistance technique an eng finanziell Ënnerstëtzung, engersäits fir d'Partizipatioun um Klimapakt anerersäits fir Progrèsen déi mer maache bei der Reduktioun vun den Zäregasen.

D'Ziel vum Klimapakt ass et, dass d'Gemengen, déi méi no um Terrain si wéi de Staat, lokal a regional aktiv gi fir d'Zäregasen ze reduzéieren, zu deem sech de Stat international verflicht huet, an dofir ënnerstëtzt de Staat si finanziell. Op der Grondlag vun engem Punktekatalog, kann d'Gemeng kucke wéivill Prozent vun de Punkten se schonn ëmgesat huet a wou se nach Efforte muss maachen. An dësem Punktekatalog geet et net nëmmen ëm Energieverbrauch um Territoire vun der Gemeng mä et gëtt alles considéréiert wat en Impakt huet op d'Zäregaser. Do gëtt et dann och Punkte wann een en ëffentlechen Transport organiséiert, Stéchwuert TICE, ob een aus dem Offall oder Klärschlamm eng Energieréckgewënnung mécht, Stéchwuert, SIDOR, Minettkompost, SIACH. Da gëtt et och Punkte fir Konzepter déi eng Reduktioun vun

den Zäregaser mat sech bréngen, Stéchwuert : Energiekonzept, Mobilité douce, a fir d'Opklärung an d'Informatioun vun de Bierger.

Ech si gespaant wou mer hei zu Käerjeng no der éischter Evaluatioun wäerte leien, well ech mengen, dass scho laang zu Käerjeng Mesure geholl gi si fir d'Zäregasen ze bekämpfen an déi lescht annerhalleft Joer sinn der nach e puer dobäi komm.

Als déi gréng Käerjeng si mer natierlech frou, wa mer och de Klimapakt ugi fir dann och eng finanziell Ënnerstëtzung ze kréie fir d'Efforten déi scho gemaach ginn an dass mer an der Zesummenaarbecht mam Klimaberoder a Klimagrupp kucke wou mer mussen usetze fir weider ze kommen.